# Seedbombs bastelen (Somkugelen)



**Zil:** Kugelen hierstellen, déi eenheemesch Wëllblumme wuesse loossen / Narung fir eis Bestëbser

## Material





*(fir ongeféier 20 Kugelen)*

- 2 Bechere Buedem ouni Torf
- 1 Becher Leembuedem
- 1-2 TL Som -> Wëllblummesom vun der Campagne "Ouni Pestiziden"
- Waasser
- Schossel, Läffel, ale Pabeier (ouni Tënt oder Plastik)



## Uleedung Schrëtt fir Schrëtt

1. **Buedem a Leem an der Schossel mëschen**
   -> Wéi e Kuchdeeg fir Blummen :)
   De Leem schützt de Som virun de Vigel a behält d'Fiichtegkeet.

2. **De Som virsichteg ënnerhiewen** (net zerdrécken !)
   Tipp : virdru kënnen d'Kanner de Som ënnert der Lupp ukucken.

3. **Waasser drëpseweis dobäi maachen**
   D'Mass soll formbar sinn, awer net matscheg.
   Tipp: wann een eng Kugel ka rullen, ouni dass se klieft, ass se perfekt.

4. **Kugel formen**
   Walnussgrouss Kugele rullen an op Zeitung oder Kartong leeën (och "onperfekt" Kugele sinn tipptopp).



5. **Dresche loossen**
   1-2 Deeg op enger lëfteger Plaz (net an d'Sonn oder op d'Heizung) leie loossen.
   Duerno sinn d'Kugele fest an halen.

## Wou a wéini verdeelen?

- Am Fréijoer oder am Hierscht (net bei Frascht oder staarker Hëtzt).
- Am eegene Gaart oder an e Blummendëppe wann dir kee Gaart hutt.
- Op erlaabte Gréngflächen (z.B. am Schoulhaff?).

Elo ass Gedold gefrot.
Beobacht de Wuesstum a spéider wéi d'Insekte profitéiere kommen



### Wou fannen ech de wëllblummesom vun der Campagne "Ouni Pestiziden"?

[Hei klicken]




...OUNI PESTIZIDEN.LU

EbL
Ëmweltberodung Lëtzebuerg a.s.b.l.